piraten.lu

N°3046
Entrée le 16.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.10.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

A menge virege parlamentaresche Froen n°1714 an 1889 wollt ech méi doriwwer wëssen, wéi et méiglech ass, dass de Grupp Giorgetti, direkt nieft hirem Groussprojet GridX zu Féiz, d'Autobunnsopfaart baut a firwat op dëser Plaz do ee weideren Tram-Arrêt entstoe soll. Ënnert der vireger Regierung war dësen Arrêt net a Fro komm, wéi Virgule.lu an engem Artikel vum 14te November 2024 beriicht hat:

*"L'idée d'une station de tram à Pontpierre ne faisait pas partie du projet initial: cette option avait notamment été écartée par l'ancien ministre de la Mobilité, François Bausch (déi Gréng), quand il était en fonction. Mais un revirement de situation semble avoir été opéré ces derniers mois en raison «d'un gros potentiel» et «d'une forte demande à venir», précise le ministère, qui met en avant les nombreux emplois liés à GRIDX ou encore l'organisation d'événements dans le futur complexe."*

Op enger Pressekonferenz de Méindeg huet d'Mobilitéitsministesch nei Annoncen zur Infrastruktur ronderëm de GridX gemaach. Wéi d'WORT an engem weideren Artikel vum 13ten Oktober beriicht:

*"Neu ist, dass die jüngst angedachte Haltestelle in Steinbrücken nun in Wickringen direkt am neuen Zentrum GridX entstehen soll. Auch wird die Haltestelle Leudelingen nicht wie anfangs geplant östlich der Autobahn entstehen, sondern westlich, näher an der Industriezone."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert eng Firma vum Grupp Giorgetti och den Tram-Arrêt hei bauen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

2. Goufen et, am Virfeld vun der Annonce vun der Ministesch, Treffen tëschent Regierungsvertrieder oder Staatsbeamten a Vertrieder, Actionnairen oder Interessevertrieder vum Grupp Giorgetti?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten